



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6840 vum 14. September 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Sämtlech IC-Zich op der Linn 10 aus an a Richtung Léck fueren zënter dem 5. September 2022 effektiv net méi um Tronçon Kautebaach – Lëtzebuerg. Dës Zich ginn duerch Material vun der SNCB assuréiert am Kader vun der ständlecher Verbindung tëschent Léck a Lëtzebuerg.

Bedéngt duerch den Äerdrutsch am Tunnel Schieburg den 27. August 2022, ass den Streckendeel tëschent Klierf a Kautebaach bis op Weideres gespaart, soudatt dës Zich hiren Terminus zu Klierf hunn.

Well sämtlecht Material schonn an den Trafiker agesat ass, war et den CFL och net méiglech fir dës Zich an der Tëschenzäit duerch CFL-Material z'assurieren. CFL hunn awer zesummen mat der SNCB no Léisungen gesicht, soudatt d'Faarten vun dësen Zich rëm kënnen, no enger Upassung vum Emlafplang vum Material vun der SNCB, ab dem 19. September 2022 garantéiert ginn.

Wéinst der Spärung vum Streckendeel tëschent Klierf a Kautebaach fueren dës Zich awer, bis zum Ofschluss vun de Reparatiounsaarbechten am Tunnel Schieburg, just tëschent Ettelbréck an der Stad an zeréck.

Duerch operationell, ewéi och infrastrukturell Constraints ass et leider net méiglech fir des Zich ab a bis Kautebaach fueren ze loossen.

D'Organisatioun vun engem Schinnenersatzdéngecht per Bus tëschent Kautebaach an Ettelbréck, deen nieft der bestoender ständlecher RE-Zuchverbindung tëschent Kautebaach an Ettelbréck géif fueren, ass mangels den néidegen Personalressourcen och net méiglech.

Dobäi kënnt datt d'Fuerzäit vu minimum 40 Minutten fir d'Stréck tëschent Kautebaach an Ettelbréck per Bus ze bewältegen, keng interessant Alternativléisung fir d'Clienten, par Rapport zu der Fuerzäit vun 13 Minutten vun der ständlecher RE-Zuchverbindung tëschent Kautebaach an Ettelbréck, duerstelt.

Déi eenzeg Alternativ, déi de Reesende ab Kautebaach a Richtung Ettelbréck an der Stad kënnen de Moment uegebuede ginn, bleift deemno just déi ständlech RE-Zuchverbindung.

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch